LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°6492 vun der honorabeler Deputéiert Carole Hartmann zum Sujet "Inondations de 2021"**

Bis den 3. August 2022 hu 36 Gemengen an 3 Gemengesyndikater vum «Formulaire intempéries» gebrauch gemaach. De Gesamtschued vun dësen Demandë gëtt op ongeféier 23 Milliounen € geschat. De Gesamtmontant deen dem Gemengesecteur wäert zegutt kommen, hänkt vun de Fraisen of déi net éligibel sinn. Fir éligibel ze sinn, mussen déi ugefroten Entschiedegunge Propriétéite vun de betraffene Gemengen oder Gemengesyndikater concernéieren, fir déi d'Fraise weder vun der Assurance iwwerholl ginn, nach vun anere staatlechen Entitéiten.

12 Demandë konnte bis ewell clôturéiert ginn. Den déclaréierte Schued vun dësen 12 Demandë beleeft sech op 406.000 €. Den Inneministère huet de concernéierte Gemengen 373.000 € (92%) iwwerwisen. 27.000 € si vun der Assurance iwwerholl ginn, wärend 6.000 € aus engem anere Grond net éligibel waren.

Zousätzlech zu de clôturéierten Demandë kruten 2 Gemengen, déi e Schued vu 17 Milliounen € déclaréiert hunn, Avancen an Héicht vun 2,4 Milliounen € iwwerwisen. Dëst sinn d'Gemengen Iechternach a Rouspert-Mompech.

D'Demandë vun 22 Gemengen an 3 Syndikater konnte nach net clôturéiert ginn, well se net komplett sinn (an de meeschte Fäll feele Rechnungen).

Och an Zukunft wäerte sinistréiert Gemengen am Fall vun engem Héichwaasser op d'Ënnerstëtzung vum Inneministère kënnen zielen, dëst awer ënnert der Bedingung, dass dat Héichwaasser dee Moment vun der Regierung als Naturkatastrof déclaréiert gëtt (wéi dat och de Juli 2021 de Fall war) an dass déi betraffe Gemenge bannent engem virgeschriwwenen Délai eng Demande de Remboursement beim Inneministère areechen.

Lëtzebuerg, den 16/08/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bfferding